N°287
Entrée le 06.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil op d' parlamentaresch Fro N°287 vum Här Deputéierten Marc Goergen iwwert d' Refusen vun den Demanden am Kader vum REVIS**

**1)**

Den FNS féiert normalerweis seng Statistike mat Beneficiaire-Menagen; déi Zuel déi den Här Deputéierten aus dem Rapport vun 2022 zitéiert ass och d'Zuel vu Beneficiaire-Menagen.

Hei muss een awer elo op d'Refusen agoen déi eenzel Persoune betreffen. Et kann nämlech sinn datt eng Persoun aus engem Stot d'Konditioune net erfëllt wärend déi aner awer dann hiert Recht op REVIS behalen. De Refus betrëfft da just déi Persoun déi d'Konditiounen net erfëllt.

Fir déi leschte 5 Joer huet den FNS follgend Zuele wat d'Refuse betrëfft:

2019: 1.219 Persounen
2020: 1.284 Persounen
2021: 1.728 Persounen
2022: 1.754 Persounen
2023: 1.565 Persounen

Iwwert des ganz Zäit waren déi heefegst Grënn dofir déi, datt Dossieren net komplett waren, datt d'Kollaboratioun mat der ADEM net respektéiert gouf an datt d'Alterskonditioun vu 25 Joer net erfëllt war.

**2) + 3)**

Den FNS feiert keng Statistiken iwwert d'Recoursen déi speziell géint e Refus geriicht sinn.
Den Total vun de Recoursen déi géint eng REVIS-Decisioun agereecht goufe si follgend:

2019: 51 Recoursen
2020: 71 Recoursen
2021: 115 Recoursen
2022: 134 Recoursen
2023: 160 Recoursen

Luxembourg, den 06.03.2024

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn